Eng Zukunftsvisioun

D'Zukunft huet nach ëmmer faszinéiert, well ee se net kennt a just ka spekuléieren, wat wäert sinn. Vill Schrëftsteller, Regisseuren, Wëssenschaftler a Philosophe beschäftege sech mat deem Theema op hir eegen Aart a Weis. An der Literatur zum Beispill fënnt ee Gedichter, Geschichten, Romaner, Artikelen, Essayen, déi mol pessimistesch, also dystopesch sinn, mol optimistesch, also utopesch sinn. Eppes hu se awer all gemeinsam:
Si weisen, datt d'Mënsche sech gär no vir projezéieren, net stoe bleiwen, un de Fortschrëtt gleewen.

Schreift an engem Text vun ongeféier 500 Wierder, wéi Dir Iech d'Welt an 100 Joer virstellt.

Wéi a wou liewen d'Leit? Wéi beweege se sech fort? Wat iesse se? Wéi gesinn hir Haiser aus? Wéi gesäit d'Welt ronderëm si aus? Wéi kommunizéiere si?
Wéi sinn hir tëschemënschlech Bezéiungen? Wéi oder wat schaffe si?

Dir hutt zwou Méiglechkeeten, fir Är Zukunftsvisioun ze beschreiwen:

Entweeder Dir maacht eng relativ objektiv Beschreiwung vun Ärer Zukunftsvisioun. Argumentéiert Är Iddien, andeems Dir op d'Situatioun vun haut agitt an d'Konsequenzen dovun an der Zukunft gesitt.

Oder Dir schreift eng ganz fiktiv Geschicht mat erfonnte Personnagen. Beschreift eng spezifesch Situatioun oder de Personnagen hiren Alldag.